N°4757
Entrée le 15.09.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.09.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 15. September 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Inneminister weiderzeleeden:

„Ëmmer méi Leit reege sech iwwer Motorrieder op, déi mat vill Kaméidi an héije Vitessen duerch d'Ardennen, de Mëllerdall an de Museldall fueren. Besonnesch de Sauer- an den Ourdall, also d'Landschafte vun deenen zwee Naturparke si betraff. Et handelt sech ganz dacks ëm Motorrieder mat auslännesche Placken, déi aus allen Härelänner am Grand-Duché ronderëm fueren an eng Gefor fir aner um Stroosseverkéier bedeelegt Acteure respektiv fir d'Foussgänger duerstellen. Et ass awer virun allem de schreckleche Kaméidi, deen de Bewunner an de ländleche Gebidder an an etlechen touristeschen Uertschaften ze schafe mécht.

An deem Kader wollte mir dem Här Inneminister follgend Froe stellen:

- Wéi vill Accidenter goufen dëst Joer tëscht dem 1. Abrëll an dem 15. September enregistréiert, an deene Motorrieder implizéiert waren? Wéi héich war den Undeel un auslännesche Chauffeuren?
- A wéi ville Fäll gouf et schwéier Verletzter a souguer Doudeger?
- Wéi dacks mécht d'Police Kontrollen an de staark betraffene Géigenden?
- Wat gëtt genee kontrolléiert? Gëtt och genee gepréift, wéi vill Dezibel déi verschidde Motorrieder verursaachen?
- Wat fir Verfeelunge goufen dëst Joer sanktionéiert?
- Wéi bewäert den Här Minister d'Resultater vun de verstäerkte Motorradkontrollen an der Saison 2026? Ass virgesinn, 2027 zousätzlech zu de schonn duerchgefouerte saisonale Kontrollen nach weider oder méi cibléiert Kontrollen an de besonnesch betraffene Regiounen duerchzeféieren?

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu

- Kontrolléiert d'Police och reegelméisseg, egal ob Motorrad oder Auto, wie mat manipuléierten Auspuffe fiert, an esou een onnéidege Kaméidi provozéiert? Wéi vill Strofe goufen an dësem Kontext am Zäitraum 1. Januar bis 15. September verhaangen?
- A verschiddene Länner gi sougenannte Kaméidisradaren agesat oder getest, fir besonnesch kaméidiintensiv Gefierer z'identifizéieren. Gesäit d'Police bei hiren aktuelle Kontrollen e Besoin fir zousätzlech technesch Moyenen, fir esou Gefierer méi cibléiert kënnen ze kontrolléieren?

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Gusty GRAAS
Deputéierten